CENTRE NATURE ET FORÊT ELLERGRONN
ELLERGRONN L-4114 ESCH-SUR-ALZETTE

FRÄIZÄITAKTIVITÉITEN AM ELLERGRONN


2026–2027

Den Naturschutzzenter vun der Naturverwaltung bitt de Gruppen erliefnesorientéiert Aktivitéiten un, duerch déi d'Kanner mat Freed d'Natur op spilleresch Aart a Weis erliewen, entdecken a verstinn.

Eise Programm ass drop ausgeriicht, d'Sënner vun de Kanner duerch Spill a Beweegung ze stimuléieren, hir Kreativitéit ze förderen an si esou fir de Bësch, den Natur- an Ëmweltschutz ze sensibiliséieren.







ESCH

ellergronn Centre nature et forêt Naturschutzzentrum

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

FRÄIZÄITAKTIVITÉITEN AM ELLERGRONN

2026 - 2027

2 - 12 Joer

CHILLEN A SPILLEN AM BËSCH

Mir verbréngen e flotte Moment am Bësch. Mir kënnen eis an der Hängematt entspanen oder einfach am Bësch eiser Fantasie fräie Laf loossen. Mir kommen erof a genéissen eis Zäit an der Natur.

3 - 4 Joer

ENTDECKUNGSREES VUN DE SËNNER

Et gëtt vill Spannendes am Bësch ze entdecken. Kommt mat op eng Entdeckungsrees, wou all eis Sënner gekëddelt ginn. Zesummen erliewe mir déi wonnerbar Natur hautno.

3 - 5 Joer

DE BËSCH ERLIEWEN

Vu lauter Bësch gesi mir d'Beem net! Dobäi si Beem spannend Liewewiesen, déi interessant Geschichten ze zielen hunn, souwäit mir hinne richteg nolauschteren. Wärend eiser Rees duerch de Bësch entdecke mir zesummen seng Villsäitegkeet. Kommt an erlieft de Bësch op eng angeneem Aart a Weis.

3 - 10 Joer

INSEKTESAFARI (NËMMEN AM 3. TRIMESTER)

Wat krabbelt, sprëngt a flitt dann do? Ausgestatt mat enger Becherlupp tauche mir an an d'Räich vu Kiewerlek, Päiperlek & Co a fannen dobäi eraus, wat et alles Interessantes ze entdecke gëtt an där verbuergener Welt laanscht de Wee.

4 - 8 Joer

NATUR SPILLERESCH ERLIEWE MAT ALLE SËNNER

Kucken, Richen, Héieren, Taaschten, Schmaachen... Mir loossen eis vum Bësch verzauberen an erliewen d'Natur hautno an intensiv ënnert engem ongewéinleche Bléckwénkel. D'Wëssensvermëttlung steet manner am Vierdergrond.

4-12 Joer

ACHTSAMKEETSSPILLER

Gi mir wierklech achtsam duerch den Alldag? Kréien mir wierklech ëmmer alles mat? Mir maachen e puer Übungen.

4 - 12 Joer

SCHMUCK AUS DEM BËSCH (MAX. 10 KANNER)

Mir maache Ketten, Réng oder Frëndschaftsbännecher. Mir wäerten Hielenner seeë goen, Bampärelen sammelen, schielen, schläifen a bueren.

5 - 12 Joer

LAND ART

Land Art schwätzt all Sënner un, reegt d'Kreativitéit un an hëlleft d'Schéinheet vun der Natur wouer ze huelen. D'Baue vun engem fäerdege Konschtwierk steet net am Vierdergrond, mee mat deem ze baue wat d'Natur eis ubitt, wéi zum Beispill: Steng, Buedem, Blieder, Äscht,...

6 - 10 Joer

KLENG ËNNERSTËTZUNG FIR D'VILLERCHER (NET AM 3. TRIMESTER)

Fir de Villercher am Wanter ënnert d'Flilleken ze gräifen, bastele mir hinne Fudder mat Hëllef vun Dillendäpp. Déi kënnt dir och gär mat Heem huelen.

6 - 12 Joer

BOTZ-AKTIOUN

Kommt wgl. mat an hëlleft eis d'Spadséierweeër ze botzen. Et gi leider nach ëmmer Mënschen, déi hiren Offall einfach esou an d'Natur geheien. Merci am Viraus fir är Mathëllef!

6 - 12 Joer

SURVIVAL-MËTTEN (MAX. 10 KANNER)

Mir léieren eist Feier unzemaachen, setzen eis gemittlech ronderëm a kënnen eise Bengel schnëtzen. Wa mir genuch Zäit hunn, da maache mir eis en Deeg fir Stockbrout. Esou iwwerliewen mir de Mëtteg an der schuckeleger Wiermt vum Feier a kréien nach eppes Guddes ze iessen.



Centre nature et forêt Ellergronn | L-4114 Esch-sur-Alzette | Tel: 247-56516 | ellergronn@anf.etat.lu

FRÄIZÄITAKTIVITÉITEN AM ELLERGRONN

2026 – 2027

6 - 12 Joer

KLENG PLANZSCHOUL

Mir versichen aus Käschten, Eechelen a Bichenecker kleng Beem grousszezillen. Dir musst dës Nëssfriichte gutt versuergen, esou datt se wuesse kënnen. Geléngt dat, kënne mir déi jonk Beem geziilt am Fréijoer aplanzen.

6 - 12 Joer

OP DER SICH NO FOSSILIEN

Viru ± 183 Millioune Joer war och an Esch e Mier. Wann mir gutt sichen, fanne mir och ouni Hummer a Meessel verstengert Mieresdéieren, och Fossilie genannt! Kommt mat op eng Rees an d'Vergaangenheet.

6 - 12 Joer

MIR BAUEN E CAMP AM BËSCH (4 SEANCEN)

Bei dësem nohaltege Projet geet et drëms, aktiv a kreativ matzewierken beim Opbau vun engem Camp. Et gëtt ëmmer eppes ze maachen, fir d'Ariichtung mei funktonell a méi gemitterlech ze gestalten. Mir bauen en Dësch, zwou Bänken, en Dach, eng Etagère, eng Feierplaz, eng Wäschstatioun,...
4 zesummenhängend Seancen!

6 - 12 Joer

SCIENCE FICTION AM BËSCH

Héi wäerte mir Blieder, Moos a wann dir wëllt, gestuerwen Insekte méi genee ënnert dem Mikroskop kucken a staunen. WOW-Effekt garantéiert.

6 - 12 Joer

ZEECHESTËFTER AUS HOLZ

Aus Holz kënnt dir so munches hierstellen. Eppes dovun ass Zeechekuel. Sidd dir intresséiert wéi een dat hierstellt? Da kommt bei eis a gitt gewuer wéi een Äscht schneit, schielt an erhëtzt.

6 - 12 Joer

OUTDOOR GAME : KINNEK ELLER-BAART (OUNI BEGLEEDER)

Den ale Kinnek Eller-Baart brauch dringend är Hëllef, well de Bësch am Ellergronn ass a Gefor. Léist Rätselen, erfëllt Aufgaben, fannt de richtege Wee a rett esou de Bësch.

7 - 12 Joer

FEIER? JO! AWER CLEVER! (NET AM 3. TRIMESTER)

Feier ka spannend sinn, wann ee weess, wéi et geet! Bei dëser Aktivitéit léiers du, wéi een op eng sécher a spaasseg Aart mam Feier ëmgeet – ganz ouni sech ze verbrennen!

7 - 12 Joer

HOLZSPILLER HIERSTELLEN (MAX. 10 KANNER)

Mir stellen eis eegen Gesellschaftsspiller aus Holz hier, déi mir um Enn dierfe mat an d'Maison relais huelen. Eist handwierklecht Geschéck an eis Kreativitéit ass gefrot. Mir schläifen d'Holz, schnëtzen d'Spillfiguren a molen d'Spillfeld.

8 - 12 Joer

AFÉIERUNG AN D'SCHNËTZKONSCHT (MAX. 10 KANNER)

Ween huet Loscht „schnëtzen" ze léieren? Wéi een Holz brauche mir dofir? Mam Fauschtgréff ginn déi éischt graff Schnëtt duerchgefouert an de feine Schléff bréngt Detail an de Projet. Mir stäerken eis Feinmotorik, eis Koordinatioun esou wéi eis Konzentratioun.

8 - 12 Joer


FIT DUERCH D'JORESZÄITEN (MAX. 10 KANNER)

Kommt mat op e sportlechen Entdeckungstour durch den Ellergronn, wou mir déi gesond Loft am Bësch genéissen a méi wäitleefeg Deeler vum Naturschutzgebitt entdecken.

9 - 12 Joer

LET'S FETZ! MOUNTAINBIKE EXPEDITIOUN (MAX. 10 KANNER) (NËMMEN AM 3. TRIMESTER)

Heimat luede mir iech an op e spannende Mountainbike-Tour duerch den Ellergronn. Mir stäerken eisen Ekippegeescht, léieren eis Grenze kennen an entdecken ënnerwee interessant Naturphänomener. **Wichteg Konditioun: D'Kanner musse Vëlo fuere kënnen.**



Centre nature et forêt Ellergronn | L-4114 Esch-sur-Alzette | Tel: 247-56516 | ellergronn@anf.etat.lu

WICHTEG INFORMATIOUNEN

An der Schoulzäit fannen d'Aktivitéite an der Reegel dënschdes an donneschdes nomëttes vu 14h00 - 16h00 statt. An de Schoulvakanzen ginn och Aktivitéite moies ugebuede. D'Horaire kënne flexibel un Är Besoine ugepasst ginn. Gitt dofir wgl. de gewënschten Horaire bei der Umeldung un.

D'Unzuel pro Grupp ass op 15 Kanner begrenzt. Bei ausgewielten Aktivitéiten ass eng maximal Unzuel u Kanner uginn.

Denkt un ugepasste Kleedung a fest Schong fir an de Bësch esou wéi u Verfleegung.


Är Buchung ass eréischt bestätegt, wann Dir eng Confirmatioun (Ticket) vun eis geschéckt kritt hutt.

D'Organisatioun vum Transport muss vun lech organiséiert ginn.

D'Grillplaz ka bei der Buchung matugefrot ginn.

Umeldung

https://ellergronn.regiondo.at/fraizaitaktiviteiten-esch



Bei Froen:
schreift eng Mail un
ellergronn@anf.etat.lu
oder rufft un um
247 - 56516

ESCH

ellergronn Centre nature et forêt Naturschutzzentrum

Administration de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg